PIRATEN

SEKTIOUN
SUESSEM

Eise Walprogramm fir d'Gemeng Suessem
2023 – 2029

Mir wëllen d’Sécherheet zu Suessem verbesseren

Policepresenz stäerken

D’Piraten wäerten sech dofir asetzen, dass Police mat preventiven Patrullen méi present um Terrain ass, virun allem an eisen Wunnquartieren fir virun Abréch ofzeschrecken an dem Bierger seng Sécherheet verbesseren.

Sécherheet op eise Stroossen an Wunnquartieren

Optimiséierung vun der Beliichtung vun eisen Stroossen mat LED-Luuchten an intelligenter Steierung fir déi néideg Hellegkeet op eise Stroossen ze garantéieren, Liichtverschmotzung ze vermeiden an d'Energie ze spueren. Mir wëllen eng Plattform ariichten, wou Bierger de Plazen, wou et un der Beliichtung feelt, mellen kënnen, fir esou d'Sécherheet an d'Effizienz vu beliichte Zonen ze garantéieren.

Wärend de Schoulzäiten soll bei de Schoulen eng Zone 30 gëllen. Mir wäerten dofir suergen, dass dat agehale gëtt an och hei déi néideg Vitesskontrollen ufroen bäi, fir dass d'Chauffeuren d'Schoulzone respektéieren.

Méi Matbestëmmung & Transparenz mat IECH

Video-Livestream vum Gemengerot

D’Piraten wäerten zu Suessem méi Transparenz an d’Politik bréngen, grad beim Gemengerot. Mir wëllen een online VideoLivestream fir de Gemengerot aféieren. De Gemengerot muss seng Sitzungen dann iwwert Livestream online iwwerdroen an duerno um Internetsite vun der Gemeng verëffentlechen, ofspäicheren a fir jiddereen accessibel halen.

Baugeneemegungsprozedur méi transparent maachen

All Demande fir eng Baugeneemegung muss an engem vernënftegen Zäitraum traitéiert ginn, ganz besonnesch déi méi kleng Demande, ewéi zum Beispill eng Ofzäinung vun engem Gaart oder d'Ofbriechen vun enger Gaardemauer.

All Demande fir eng Baugeneemegung muss eenzel analyséiert ginn, fir ze kucken, ob de Projet sech nohalteg an d'Landschaft integréiert a kee Schued fir d'Nopere verursaacht.

Projeten, ob ëffentlech oder privat, déi zur Fuerderung vun Biodiversitéit, déi zur Erhalung an Erschafen vun Liewensraum fir Fauna an Flora bäidroen, sollen an Zesummenaarbecht mat der ANF an den ONG'en wéi Sicona an Natur & Emwelt, ënnerstëtzt ginn.

Mir setzen eis fir eng komplett Transparenz hei an : d'Bautekommissioun (an och di aner Kommissiounen) soll komplett ëffentlech gemaach ginn a misst mat politesch neutrale Memberen besat ginn. Interessekonflikter vu Memberen an der Kommissioun musse verhënnert ginn.

Biergerbedeelegung verbesseren

Biergerversammlungen mindestens 2 Mol am Joer

D'Piraten wëllen een aktiven Austausch an Diskussioune mat de Bierger:innen. Gemeng Suessem soll mindestens zwee Mol am Joer Biergerversammlungen organiséieren, wou d'Bierger:innen mat der Gemeng op enger Plaz zesummekommen an Iddien, Problemer an Doleancen diskutéiert kënne ginn.

Matentscheedung bei wichtegen Dossieren a Projeten

D'Piraten sinn der Meenung, dass bei wichtegen Dossieren, Projeten oder grousse budgetäre Froe an enger Gemeng de Bierger:inne soll gefrot ginn a selwer matentscheeden. Dat kann entweder iwwer ee Referendum geschéien oder iwwer Biergerversammlungen.

Méi Plaz fir Sport a Kultur

Eng weider Schwemm

Aktuell mussen all d'Kanner aus eiser Gemeng sech eng eenzel Schwemm deelen. Mir setzen eis fir de Bau vun enger neier Schwemm an, eventuell zesummen mat eise Nopeschgemengen, fir och esou alle Kanner an eiser Gemeng de Schwammkuer z'erméiglechen.

Eng eege Musikschoul

Suessem soll seng eegen Musiksschoul kréien, fir dass d'Schüler an hir Elteren net brauchen bis an d'Nopeschgemenge ze fueren.

Eng Maison des Artistes

Mir wëllen eng Maison des Artistes opstellen, wou lokal Kënschtler sech kënne bekannt maachen.

Jugendstrukturen konsequent ënnerstëtzen an ausbauen

Mir setzen eis dofir an, dass d'Jugendlecher hir Plaz an der Gemeng hunn a wëllen hinnen déi Strukturen ubidden, déi si brauchen. Dofir géife mer an der Jugendkommissioun ee Projet an d'Liewe ruffen, wou d'Jonker selwer d'Sue kënnen an de Grapp huelen, fir hir Projeten mat der Gemeng ze realiséieren.

Digitalisatioun fir jiddereen

Gratis Wifi

D’Piraten setzen sech dofir an, dass op ëffentleche Plazen, Gebaier a Busarrêten ee gratis Wifi fir d’Awunner:innen verfügbar ass.

Barrièrefräiheet

Digitale Technologien kënnen fir Leit mat Behënnerungen eng grouss Hëllef sinn, an deem se Barrièren ofbauen an hinne de Zougang zu Bildung, Aarbecht an sozialer Deelhuelf erleichteren. Duurch d'Förderung vun der Digital Inklusioun kënnen mir sécherstellen, dass digitale Technologien fir all zugänglech a benotzbar sinn.

Effizient Prozesser

D'Digitaliséierung kann Prozesser effizienter maachen, Zäit an Ressourcen spueren an d'Liewensqualitéit verbesseren. Wann mir d'Digital Inklusioun fördere, kënnen mir sécherstellen, dass all an der Lag sinn, dës Virdeeler ze benotzen.

D’digital Inclusioun förderen

An enger digitaler Wirtschaft sinn digital Fäegkeeten onerlässlech. D'Digitaliséierung betrëfft all Liewensberäicher, vun der Aarbecht bis zur Fräizäitgestaltung. Andeems mir d'digital Inclusioun förderen, kënne mir sécherstellen, dass jidderee d'Chancen huet, digital Fäegkeeten ze léieren a sou den Zougang wirtschaftlechen Opportunitéiten ze kréien.

Mir géifen méi Offeren schafen, domat d’Leit an eiser Gemeng besser mat der Digitaliséierung a mam Dateschutz opgekläert ginn. Dës Formatiounen kënnen och an den Altersheemer ugebuede ginn.

Formatiounen fir déi digital Inclusioun ze fuerderen sollen an eiser Gemeng, zougänglech fir jiddereen, stattfannen. Dës Schoulungen kënnen zesumme mat den Acteuren um Terrain ewéi zum Beispill den « Lifelong Learning Center » oder och aneren Acteuren an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Suessem organiséiert ginn.

Digitaliséierung fir méi Bildungsgerechtigkeit

An enger digitaler Welt hunn Schüler :innen, déi keen Zougang zu digitalen Technologien a Ressourcen hunn, en Handicap géintiwwer hiren Altersgenossen. Wann mir d'Digital Inclusioun förderen, kënne mir sécherstellen, dass all Schüleri :innen déi selwecht Chancen hunn, onofhängeg vun hirem sozioekonomesche Status.

Tablets an de Schoulen

An de Schoule sollen déi Schoulbicher schrëttweis duerch Tabletten ersat ginn. Mat Tablets kënne Schüler :innen de Léierprozess op hir eegene Bedürfnisser upassen. Si kënnen déi Léierinhalter an hirem eegenen Tempo duerchgoen a sech och op bestëmmten Themenbereicher fokusséieren.

Tablettë si liicht a mobil, wat et de Schüler :innen erméiglecht e iwwerall matzehuelen. Si mussen net méi schwéier Bicher a Notizbicher am Schoulsak droen. Duerch de Remplacement vum Pabeier duerch digitale Medien, kënnen Tabletten dobäi hëllefen, de Papéierverbrauch ze reduzéieren an esou d'Ëmwelt ze schounen.

Digitalen Zougang zu Dokumenter via Guichet.lu

Digitalisatioun vun den kommunale Demarchen an den digitalen Zougang zu Dokumenter via Guichet.lu bréngt méi Transparenz, Zouverlässegkeet an Sécherheet an déi administrativen Prozesser. Dëst ass méi effikass fir de Bierger an d’Gemengenbeamten an erméiglecht een méi nohaltëge Suivi vun den an administrativen Prozeduren.

D'Formularen mussen fir jiddereen op der Internetplattform vun der Gemeng an deene dräi administrativen Sproochen zu all Zäit zougänglech sinn. Zousätzlech mussen d'Dokumenter vu Persounen mat spezifeschen Bedürfnisser wéi visuelle oder auditive Beanträchtegungen verstane ginn.

Mobilitéit an Transport

Schantjeë besser koordinnéieren

Et soll net mi virkommen, dass grouss Schantjeën gläichzäiteg an eiser Gemeng realiséiert ginn, sou wéi dat an der Vergaangenheet oft de Fall war a wat fir vill Chaos an onnéidegen Trafic op eise Stroosse suergt. All Schantjee zu senger Zäit bedeit manner Traffic duerch Camionen an Transit, manner Kaméidi, eng besser Zirkulatioun a manner Stress fir d'Awunner an d'Automobilisten.

Den Parkvignettensystem méi gerecht maachen

Och déi Léit déi privat hiren Auto als Camionnette (Utilitaire) ugemellt hunn sollen eng Parkvignette kréien. Des weideren soll den Präis vir eng drëtt Vignette fir d'Kanner am Haushalt méi sozial gerecht ginn.

Schoul

Renoveieren an Modernisatioun vun den Schoulinfrastrukturen

Mir wäerten dofir suergen, dass déi al Schoulen hei an der Gemeng renovéiert an ausgebaut ginn, fir dass all Kanner vu moderne Schoulgebaier profitéiere kënnen.

Drëtten Alter

Alternativen zu Altersheemer

Mir wëllen de Leit ee schéinen drëtten Alter erméiglechen, woubäi si esou laang wéi méiglech sollen fräi an onofhängeg kënne liewen. Mir setzen eis dofir an, dass méi Wunnengsprojeten fir Senioren hei an der Gemeng op d'Bee gestallt ginn, nom Stil vu Wunngemeinschaften, betreitem Wunnen oder dem Beienhaus.

Accessibel Servicer fir den drëtten Alter a Leit mat Handicap

D'Digitaliséierung ass net fir all Mënschen ee Kannerspill. D'Piraten wëllen all d'Leit mat an d'Boot huelen, fir dass och si vun de Virdeeler vum Internet kënne profitéieren. D'Gemeng soll hei hëllefen, andeems se mam Privatsecteur zesumme kuckt, fir Servicer opzebauen, wou d'Leit physesch hi kënne goen. Eng Iddi ass d'Organisatioun vun engem mobille Guichet, deen all Dag eng aner Uertschaft ufiert an op enger zentraler Plaz steet a wou d'Leit dann eng physesch Uspriechpersoun virfannen.

Ee weidert Altersheim an der Gemeng

Eis Gemeng ass grouss a wiisst ëmmer méi. Dofir musse mer eis elo schonn op d'Zukunft virbereeden a kucken, dass mer genuch Plazen hunn, fir Mënschen, déi op een Altersheim ugewise sinn. D'Altersheim wäert awer zesummen mat Alternativen, wéi dem betreite Wunnen, gebaut ginn.

Ëmwelt, Klima an Natur schützen

Erneierbar Energien massiv ausbauen

Mir wäerten dofir suergen, dass d'Leit Interess kréien, fir eng Solaranlag z'installéieren. De Subside fir Solarpanneauxen a Wärmepompelen wäert mat eis erhéischt ginn. Mir kéinten eis virstellen, dass d'Gemeng hei bis d'Halschent vum nationale Subside nach eng Keier dobäileet.

D'Gemeng kann och d'Virfinanzéierung vun der Solaranlag iwwerhuelen, andeems d'Gemeng den Daach vum Gebai fir ee symboleschen Euro lount an de Prêt iwwert de Verkaf vum Stroum ofbezilt. Nodeems de Prêt ofbezuelt ass, geet d'Anlag an d'Hand vum Proprietär. Bei bestoende Gebaier, déi sech eegnen, soll d'Gemeng d'Proprietären aktiv uschreiwen, fir un dësem Programm deelzehuelen.

Färdere vun der Biodiversitéit

D'Biodiversitéit ass elementar fir eis gesond Ekosystemer z'erhalen a se ass wichteg fir d'Liewensqualitéit vun de Awunner vu Suessem. D'Biodiversitéit ass och wichteg fir d'Landwirtschaft, well se zur Bestäubung vu Kulture bäidréit an zur Reguléierung vu Schädlingen. Eng gesond Natur huet och en groussen Notzen fir d'Gesondheet an d'Wuelbefanne vun de Bierger, fir d'Villfalt vun der Natur ze entdecken an Aktivitéiten an der frëscher Loft ze genéissen.

De Schutz vun der Natur an der Biodiversitéit spillt och eng essentiel Roll am Kampf géint de Klimawandel fir den Kuelestoff am Buedem an an eisen Bëscher ze späicheren. Et ass eng moralesch Verantwortung fir d'kommend Generatiounen, fir ze garantéieren, dass eise Planéit dauerhaft an nohaltëg z'erhalen.

Nohalteg renovéieren

Mir wëllen och eng besser finanziell Ënnerstëtzung vun der Gemeng, wann d'Leit hir Immobilien op eng nohaltëg Aart a Weis a mat nohaltëge Materialien renovéieren. D'Héichten vun den Subventiounen sollen och hei no uewen gesat ginn.

Ouni Luetstatiounen keng E-Autoen

Nëmmen mat engem gudde Ladenetz maache mer d'Elektromobilitéit méi attraktiv fir d'Leit. D'Gemeng muss zesumme mam Staat dofir suergen, dass d'Stroumleitungen op deene Plazen opgerëscht ginn, fir flächendeckend an

enger Gemeng Luetstatiounen kënnen opzestellen. Do, wou d'Leeschtung vum Netz net duergeet, soll iwwert separat Stroumproduktioun (zum Beispill Solaranlagen op de Parkingen) Luetstatiounen erméiglecht ginn.

Dreck gehéiert an d'Poubelle, net op de Buedem!

Zigarettestëmp, Zigaren, Knätsch oder all Zort vu Material gehéieren net op de Buedem, mee an d'Poubelle! Just mol als Info: een eenzegen Zigarettestomp eleng ka potenziell ee Kubikmeter Waasser verseuchen.

D'Piraten wäerten géifen dofir suergen, dass hei an der Gemeng separat Opfaangbehälter an Äschebecheren fir Zigarettestëmp opgeriicht ginn an, dass op ëffentleche Plaze méi Poubellë sinn, fir den Tri ze maachen (op mannst Plastik soll kënne getrennt ewechgeheit ginn). Och recycléierbar Hondstuten wäerte mat eis iwwerall ze fanne sinn.

Déiereschutz stäerken

Centre de Recréation Gaalgebierg-Bieles

Fir dass Wëld um Gaalgebierg Nuets eng Rouphase kritt, soll de Verkéier op de Gaalgebierg erop no 22h00 verbueden ginn. Et kann een e Poller bei d'Waasserhäischen setzen. Sou ginn och déi Usammlungen vun Léit, déi nach no 22h00 erop fueren, wann keng Security méi do ass, ënnerbonnen.

Soubal déi 2 Parkingen uewen um Gaalgebierg besat sinn, soll ënnen an der rue de Hussigny ungewissen kréien dass op de Parkingen keng Plazen méi fräi sinn.

Des Weideren mussen d'Gemengenaarbechter vill manner Knascht ewechhuelen, dee weekends do gemaach gëtt. Den Duerchgangsverkéier am ale Bieleser Wunnquartier géif och ofhuelen, sou dass en déi Bierger och hir Rou fannen. D'Security muss op alle Fall Weekends present bleiwen.

Léit, déi an d'Hondsschoul ginn, vun der Hondsstéier befreien
Mir géifen de Leit, déi hiren Hond an d'Hondsschoul ginn an eng Formatioun hei maachen, all Joers eng Primm an Héicht vun der Hondssteier. Domadder géif d'Hondssteier fir si ewechfalen.

Een Honds- an Familljepark fir Suessem

Mir Piraten wëllen, dass en Honds- an Familljepark zu Suessem amenagéiert gëtt wou d'Famillen mat hiren Hënn kennen hi goen, an mat hiren Hënn kenne spillen a lafen an virun allem ee schéinen Dag an der Natur kenne verbréngen mat der ganzer Famill, ouni den Auto mussen ze huelen.